ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 05/05/2026

# Rapport vun der Kommissioun

# fir de Klima a nohalteg Entwécklung

## Sëtzung vum 15 Abrëll 2026

## Präsenzen

| Present (Quorum 50% , ≥6) | Net present | Observateuren a Experten |
|---|---|---|
| Luc ELSEN<br>Thierry EVERAD<br>Patrick EVERARD<br>Carlo KOEPP (Rapport)<br>Patrick KRAEMER<br>Louis MALHERBE<br>Louis MEYER<br>Gilles WETZEL<br>Pascal WIRTZ<br>Carole WINTERSDORF | Joske VOSMANN (entschëllegt) | |

## Dagesuerdnung

*Déi follgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst*

1. Begréissung, Presenzeléscht
2. Rapport vum 28 Januar 2026
3. Retouren an Demanden aus der Gemeng
4. Repair Café – Zukünfteg Organisatioun
5. Energie Gemeinschaften
6. Divers
7. Nächst Sëtzung

## Punkt 1 : Begréissung, Präsenzeléscht

10 vun 11 Memberen ware präsent.

## Punkt 2 : Rapport vum 28 Januar 2026

De Rapport gouf approuvéiert.

## Punkt 3 : Retouren an Demanden aus der Gemeng

Et leien aktuell keng Demanden oder Retouren vir. De President informéiert ausserdeem, datt et de Moment nach keng Neiegkeete betreffend de Wandrieder gëtt.

## Punkt 4: Repair Café – Zukünfteg Organisatioun

D'Kommissioun hat vun Ufank u beschloss, de Repair Café an der Gemeng ze lancéieren, d'Gestioun awer duerno an d'Hänn vun engem Kommitee ze ginn. Bis elo huet d'Kommissioun selwer dräi Repair Caféen organiséiert, dobäi hu mir vun der Gemeng eng voll Ënnerstëtzung kritt. Bei dësen dräi Editioune goufen respektiv 30, 22 an 35 Reparature duerchgeféiert.

An deem Kontext hu mir déi lokal Repairer kontaktéiert, fir zesumme mat hinnen dëse Kommitee op d'Been ze stellen. Eng Versammlung mat hinne gouf nach virun der Kommissiounssëtzung ofgehalen. De Resümmee gouf awer an dëse Rapport integréiert!

Verschidden Froen a Punkten goufen ugeschwat:

- **Firwat dëse Wiessel?**
  Well bei de nächste Walen d'Kommissioun ännere kann, ass et wichteg, fir datt de Repair Café no de Walen ouni Ënnerbriechung ka weidergefouert ginn. De Kommitee soll als stabil an dauerhaft Struktur déngen.

- **Wat sinn d' Attenten?**

  D'Gemeng begréisst all Aktivitéit an all Evenement, dat hei organiséiert gëtt. Mir ginn dovun aus, datt **d'Ënnerstëtzung** och an der neier Konstellatioun garantéiert bleift – ëmsou méi, well mir eng Klimapakt-Gemeng sinn an de Repair Café eng wichteg Komponent dovun duerstellt.

  De Patrick Everard weist drop hin, datt d'Gemeng dem Repair Café eventuell an Zukunft **e Sall zur Verfügung stelle** kéint, fir d'Aktivitéiten do duerchzeféieren. Wat Plaz, Amenagement an Parkméiglechkeeten ugeet, war d'Koll bis elo ideal. De Patrick E. bléift am Kontakt mat der Gemeng!
  Begleedend kéinten – parallel zum Repair Café – eventuell och aner Aktivitéiten organiséiert ginn, zum Beispill e klenge Floumaart oder aner Evenementer a Kooperatioun mat Veräiner. Repair Café Walfer meescht et esou.
  Bis elo ass de „Repair Café Helperknapp" och op nationalem Plang vun der CELL an dem Repair-Café-Netzwierk ënnerstëtzt ginn. Dat soll och weiderhi sou bleiwen, ënner anerem fir auswäerteg Repairer kënnen ze mobiliséieren an d'Terminer op hirer Plattform matzedeelen.

- **Wat ass den Opwand a wat kann ee verbesseren?**
  - D'Terminer festleeën an ukënnegen (RC ASBL, Flyer, Buet, Banner an den Entréeën vun de Dierfer); dräi Terminer am Joer schéngen dobäi eng gutt Frequenz ze sinn.
  - Repairer mobiliséieren.
  - De Sall reservéieren an d'Pabeieren fir d'Umeldungen virbereeden.
  - Keesse fir Donen opstellen an e klenge Catering mat Gedrénks virgesinn (d'Gemeng hëlleft beim Gedrénks).
  - De Sall preparéieren an d'Dëscher op- an ofbauen.
  - Mat der CELL an der ASBL Donnéeën austauschen

  Verbessere kann een den Oflaf: De Repairer decidéiert, wéi eng Reparatur hie wëllt iwwerhuelen.

- **Déi nächst Terminer** zur Erënnerung, déi am Buet N° 1 2026 publizéiert goufen:
  - Mëttwoch 3 Juni als Afterwork Repair Café vun 17h- 20h
  - Samschdeg den 10 Oktober vun 9h-13h

**Grënnung vum Kommitee fir de Repair Café Helperknapp:**

Nieft den Kommissioun's Memberen waren d' Leit invitéiert ginn, déi bis elo an eisen Repair Caféen ëmmer gehollef hunn. Präsent waren: George Gilbert, Schiertz Annemarie, Streicher Marc, Theisen Milly, Thillen Fränz, Weber Lars, Weber Len a Wetz Paul. Mir soen hinnen op dëser Plaz nach eng kéier villmools Merci fir hiren wonnerbaren Asaz bis elo.

**Fir de Kommitee hunn sech gemellt a bestätegt:**

Weber Lars (President), Wetz Paul (Sekretär), Streicher Marc (Tresorier)

Weider Memberen: Elsen Luc, Koepp Carlo, Kraemer Patrick, Vosmann Joske, Wirtz Pascal a Wintersdorf Carole, alleguer och Memberen vun der Ëmwelt Kommissioun.

**Wichteg:** Bei eise Repair Caféen hate mir Sammelbéchsen opgestallt – fir de Catering an och fir d'Reparaturen – an d' Leit haten d'Méiglechkeet, e fräiwëllege Montant anzewerfen. Op dës Manéier hu sech an der Keess insgesamt 608 € ugesammelt, déi de neie Kommitee elo iwwerhëlt.

## 5: Lokal Energie Gemeinschaften

Am Kontext vun der Photovoltaik Anlagen, gouf am Gesetz d'Méiglechkeet ginn fir Energie-Gemeinschaften ze schafen (bis 3 oder méi Stéit). An der Reunioun gouf d'Fro opgeworf, ob et – amplaz vu méi klenge Strukturen – interessant wier, eng grouss kommunal Energie-Gemeinschaft opzebauen, an op dat iwwerhaapt méiglech ass?

**Et gouf Punkten genannt firwat eng "grouss" kommunal Gemeinschaft Sënn maache kéint**:

- Eventuell a "Skaleneffekt" woubäi Käschten an Opwand méi geréng bleiwen.
- Eventuell kann et méi professionell geréiert ginn um Niveau Organisatioun, Administratioun a Kommunikatioun, well d' Gemeng et matdréit! Et gouf de Begrëff E-Community zitéiert.
- Eng méi solidaresch Approche, well och Leit oder Stéit kënnen deelhuelen, déi net d' Méiglechkeet hunn fir eng Anlag op hirem Dach z' installéieren, z.B. a Residenzen!

- Zousätzlech Moyenen etabléieren, déi am klengen net méiglech wieren, wéi z.B. een oder méi grouss kollektiv Energiespäicher an der  Gemeng z' installéieren.  Do gëtt et schonn Container-Batterien bis 1 MWh. Mat zousätzlechen Wandrieder kënnt och d' Lueden an der donkeler an der Wanterzäit garantéiert ginn.

**Wat kënnt dogéint schwätzen**:

- Trotz enger Gerance zesumme mat der Gemeng kéint et méi komplex sinn, eng Gestioun nieft de grousse Stroumverdeeler-Gesellschaften opzebauen. Eng kommunal Energie-Gemeinschaft hätt dann an der Praxis schonn Eegenschaften vun enger neier Energiegesellschaft.
- Et kéinten och Erausfuerderunge bei der Akzeptanz an der Participatioun vun de Bierger ginn.
- D'Gemeng Helperknapp besteet aus verschiddenen Uertschaften, déi jee no Situatioun och ënnerschiddlech Ufuerderungen an Erwaardunge kënnen hunn.
- Zousätzlech Käschten (z.B. fir Gerance, Administratioun an technesch Ëmsetzung) kéinten dozou féieren, datt de Netto-Verkafspräis pro KWh fir déi eenzel PV-Produzente méi niddreg ausfält.

**Wichteg:** Dëst muss zesumme mat der Gemeng an a Consultatioun mat Fachleit am Detail diskutéiert ginn – virun allem ënner der Virgab, datt d'Gemeng iwwerhaapt Interessi un esou engem Projet huet.

Als Beispill gouf d'Gemeng Feldheim (Brandenburg, Däitschland) ernimmt, déi no Medien Aussoen d'Energiewend aktiv ëmsetzt an an der Energieversuergung wäitgoend autark ass.

## 6: Asiatesch Runnen

De Patrick Everard huet mat engem Imker geschwat, dee méi oder manner betraff ass. Deem senger Meenung no kritt een d'Situatioun net méi an de Gréff, an et misst een sech domadder arrangéieren.

## 6: Verschiddenes

De Luc Elsen huet d'Thema „Entsuergung vu Palletten an Eisebunnsschwellen" zur Diskussioun bruecht.

Verschidde Punkte goufen ugeschwat an duerno, am Kader vun engem Telefonat mat dem zoustännege Responsabelen an dësem Beräich bei der SDK, nach emol präziséiert.

- Beschiedegt an net traitéiert **Palletten** kann een ouni Bedenken am Recycling Center ofginn; dat ass – wéi bei anerem Holz – awer mat Käschte verbonnen. Besëtzer vun engem Kamäinsuewen kënnen dës Palletten natierlech och verbrennen. Onbeschiedegt Palletten soll een awer net entsuergen, mee – wa

méiglech – zréckbréngen. Dat ass ressourcëschounend, awer och well d' Palletten e Wäert hunn, a bei Liwwerungen dacks matgerechent ginn, besonnesch bei Euro-Palletten (änlech wéi eng Consigne).

- **Eisebunnsschwellen** ginn als Problem-Offall consideréiert. Bei der Entsuergung gëtt tëschent Privatleit a Betriber differenzéiert. Vill Eisebunnsschwelle si mat *Créosote* behandelt (*huile de goudron* / Teerueleg), also engem Holzschutzmëttel op Basis vu Kuelen Goudron, dat schiedlech Stoffer enthalen kann. Dëse Biozid gëllt als Kriibserreegend an ass séit dem Joer 2000 verbueden.

***SuperDrecksKëscht® fir Bierger*** hëlt d'Eisebunnsschwellen doheem gratis of. Si mussen awer esou geluecht sinn, datt se mat engem Gabelstaapler kënne geluede ginn. Dës Reegelung gëllt zënter 2017 a momentan bis 2027 a baséiert op engem Optrag vum Ëmweltministère. Weider Informatioune fënnt een ënner https://sdk.lu/dictionary/dechets-de-bois-et-de-liege/traverses-de-chemin-de-fer (franséisch Versioun).

***Betriber*** mussen am Géigendeel fir d'Entsuergung 270 €/t bezuelen, woubäi 1 Tonn ongeféier 12 Schwellen entsprécht. Autoriséiert Firmen komme se mat engem Container ofhuelen.
Eng spezialiséiert Firma an Däitschland schreddert d'Schwellen a féiert se duerno enger Verbrennungsanlag zou (fachgerecht Entsuergung).
Bei ***Bauerebetriber*** gëtt ënnerscheet, ob d'Schwellen z.B. aus dem Privatberäich (Gaart) kommen oder aus dem betriblechen Ëmfeld.

## 7: Nächst Sëtzung an Dagesuerdnung

Déi nächst Sëtzung gouf nach net festgeluecht (muss nach bestätegt ginn).

Méiglech Punkten fir Dagesuerdnung:

1. Retouren, Demanden aus der Gemeng
2. Repair Café
3. Visite Energie Park
4. Divers

Wann dir weider Virschléi huet, schéckt se gären un eise President.